N°1461
Entrée le 10.12.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 1461 vun den honorabelen Deputéierte Ben Polidori a Francine Closener**

Déi gesond Screen-Life-Balance vun eise Kanner ass eng gemeinsam Aufgab an eng gemeinsam Responsabilitéit. Dofir schwätzt de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (MENJE) Recommandatiounen aus fir eng Benotzung vun digitalen Outilen pro Alterskategorie. Dës gëllen an der Famill, genee sou wéi fir d'Schoulen an d'Strukture vun der non formaler Bildung.

D'Décisioun fir d'Notzung vum Smartphone an de Schoulen anzeschränken baséiert op enger Analyse vu wëssenschaftlechen Etuden. Notamment och déi lescht PISA-Etude huet nogewisen datt wann de Smartphone bei de Schüler méi present ass, an der Bänk oder an der Täsch, d'Schoulresultater méi schwaach ginn. Dës Erkenntnisser, mee och de Feedback aus de reegelméissegen Echange mat de Bildungspartner hunn eis guidéiert fir kloer Recommandatiounen a Richtlinnen fir d'Benotzung vum Smartphone ze developpéieren, dëst op Basis vu wëssenschaftlechen Indicatiounen vum Dr. Serge Tisseron.

Dës Recommandatiounen, déi op Basis vun engem breede Consultatiounsprozess mat Direkteren, Enseignantsgewerkschaften, Elteren a Schülervertrieder beschwat goufen, gi per groussherzoglecht Reglement festgehalen an trieden an der Grondschoul ab Ouschteren 2025, an de Lycéeën ab Péngschten 2025 a Kraaft. An dem Consultatiounsprozess mat den Direktiounen vun de Lycéeën ass ervirgaangen, datt de MENJE e klore Kader soll setzen, deen et de Lycéeën soll erméiglechen an hirer Autonomie Upassungen virzehuelen, déi hirem Konzept an hire raimlechen Bedingungen entspriechen. Den aktuellen Modell entsprécht dëse Recommandatiounen.

Eng kloer Dokumentatioun vun de Modeller an de Suivi ginn duerch de MENJE assuréiert. Et goufen och scho Gespréicher mam ONQS fir de Projet ze begleeden.

Bis haut huet de MENJE keng Kenntnis vun enger Demande vu Wëssenschaftler fir d'Aféiereung vum Smartphone-Verbuet wëssenschaftlech ze begleeden. Esou eng Demande ass am Moment nach net formuléiert ginn. De MENJE wäert esou eng Demande le moment venu analyséieren a gegeebenefalls ënnerstëtzen.

Lëtzebuerg, den 10. Dezember 2024

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH